NATIONAL - MAT ENGEM AKTIOUNSPLANG AN D'ZUKUNFT

# De Gemengesyndikat Syvicol feiert 35 Joer

Vum François Aulner | Update: 26.11.2021 19:25



*© François Aulner / RTL*

**A Presenz vum Grand-Duc gouf de Freideg am Stater Conservatoire 35 Joer Syvicol gefeiert.**

D'Vertrieder vum Gemengesyndikat hu vun der Occasioun profitéiert, fir hir Iddie fir d'Zukunft an hir Fuerderungen un d'Regierung ze widderhuelen. D'Gemenge wëllen haaptsächlech méi gehéiert ginn. De President vum Syvicol, CSV-Deputéierten a Buergermeeschter vu Clierf, den Emile Eicher, huet zwar begréisst, datt eng Circulaire vum Premier Xavier Bettel d'Ministeren opgeruff huet, de Gemengesyndikat ze consultéieren, wa Gesetzprojeten ausgeschafft ginn. Mee den Emile Eicher hätt gär, datt dat gesetzlech, jo souguer an d'Verfassung verankert gëtt.

Wat d'Gemengegesetz ugeet, dat am Moment um Instanzewee ass, do huet de Syvicol d'Iwwerschaffe vun der "Tutelle" als Haaptfuerderung, wëll ee sech hei mat extrem luese Verwaltungsweeër géing ploen. De Vizepresident vum Syvicol, den Diddelenger Buergermeeschter an LSAP-Deputéierten Dan Biancalana, huet completéiert mat der Fro vum "Codex", also der Fro ëm de Staut vum "élu communal". Op deem Punkt géing et wéi et heescht nach d'nächst Woch Diskussioune ginn a wat d'Tutelle ugeet wiere schonn Amendementer an der Chamber deposéiert ginn.



*© François Aulner / RTL*

De Syvicol huet sech fir seng 35-Joer-Feier och selwer Hausaufgabe ginn. Mat engem Aktiounsplang solle kuerz- a mëttelfristeg Verbesserunge kommen, fir d'Koordinatioun vu gemeinsamen Aktiounen. De Buergermeeschter vun Habscht, de Serge Hoffmann vun der CSV, huet d'Covid-Kris an d'Iwwerschwemmungen als Beispiller genannt, wou de Syvicol gehollef huet, fir d'Servicer vun de verschiddene Gemengen a Verbindung ze bréngen an Informatiounen auszetauschen.

Donieft solle fir déi nächst Gemengewalen – dat ass am Mee 2023 – Formatiounen a Guidë preparéiert ginn, fir neigewielte Gemengeresponsabel. Ëmmerhi ginn et 102 Gemengen hei am Land, an dowéinst och méi ewéi 1.000 Buergermeeschteren, Schäffen a Gemengeconseillèren. Hir Aarbecht wier an der lescht net méi einfach ginn, mee däitlech méi komplex, sou nach d’Stater Buergermeeschtesch, DP-Deputéiert a Vizepresidentin vum Syvicol, Lydie Polfer.